

Manifestations

Allerborn. - Kréstaamt e Sonndeg, den 30. November op der Féitsch an a ronderëm d'Zelt van 10 bis 19 Auer. Iwwer Mëtting ginn agebueden Judd mat Speckgromperen. Ameldung erwünscht iwwer Tel. 99 42 95. Org.: De Sparverän van der Féitsch an de Wëntger Foussball.

Bascharage. - Grande vente de matériel d'hiver d'occasion le 29 et 30 novembre 2003 de 10 à 18 heures. Dépôt début: le vendredi 28 novembre de 18 à 21 hrs au Centre Sportif Bommelscheuer. Rens. tél. 021 352 756 ou www.hbcbl.lu. Org.: HBC Bascharage Commission Jeunes.

Bauschelt. - Traditionelle Kréschtaamt e Sonndeg, de 7. Dezember 2003 bei Siebenborn Louis an der gehéizter Hal. Um 11.30 Auer Concert vun der Folschter Musik. Mëttingen: Träipe mat Speckgromperen a Kompott, Schwéngshacksen, Fritten, Wirschtercher a Gromperekichelcher. Réservatiounen um Tel. 99 32 14 oder 26 91 70 68, um 14 Auer Concert vun Ensemblen vum der UGDA-Musikschoul vun der Regionalschoul Harel. Verkaufsstänn mat Kréschtrangementer, Kréschtheemercher, Keramik- a Wuessartikelen, Hunnig, Kréschten am Sahel, Gebäck a Kichelcher. Um 16 Auer Concert vun der Nogermer Musik. Org.: Musik vun der Gemeng Bauschelt.

Béiweng. - De Kannerchouer „Réiserbänner Wisepiiperten“ lued iech alleguer häerzlech an op seng Advents-Matinee e Sonndeg, den 30. November 2003 am Centre culturel zu Béiweng. Vun 11 Auer u kritt Dir den Apéritif zerwiert. D'Mëttingen ass vun 12 Auer un. De ganzen Nomëtting iwwer gétt et Kaffi a Kuch, e Bastel- a Spilleck fir d'Kanner, eng grouss Tombola, asw. Am Laf vun Nomëtting ass e flotte Concert mat de Wisepiiperten an der Chorale Ste-Cécile Réiser-Krautem. Mir wünschene jidderengem e gemittlechen Nomëtting bei eis.

Berbuerg. - Baurekascht den 30. November 2003, sonndesmées a sondesowas am Centre Beauraipaire. Org.: Fanfare Berbuerg.

Natur- an Umweltschutzproblemer Haus vun der Natur - Tel. 29 04 04-1

Biereng. - Gaart an Heem Biereng invitéiert e Samschdeg, den 29. November em 20 Auer Hal Irbicht zu Biereng op hiren tradit. Käerzenowend mat flotte Lëtzeb. Lidder fir ze sangen an ze danze m. Jeannot Buchler. Fräien Entrée.

Biwier. - D'Sportféscher vu Wecker invitéieren op hiren Neklösch haut Samschdeg, den 29. November, am „Fancy“ zu Biwier, mam Orchester „Jocky Band“.

DIDDELENG Sylvesterparty mam Fausti „AN DER GRIET“ (Veräinshaus vis-à-vis vun der Kierch) Grouss Buffet-froid à volonté vun der Metzlerie Steffen vu Stengenfort an Diddeleng. Virverkauf: Tel. 51 03 67 an 52 06 17 (Café an der Griet) oder 021 143 584

Giewel. - Niklosbal mam Orch. „Butterfly“ de 6. Dezember 2003 zu Giewel am Festsall. Org.: D.T. Käerch asbl.

Gilsdref. - Kleeserchersbal an der Aler Schull e Freidag, de 5. Dezember, mam Orchester Pol a Rosch. Org.: Fanfare a Pomjeeën.

Schnéibal (I) Org. Dikricher Pomjeeën mat ANACS 6. Dezember 2003 Al Seeërei - Dikrich

Habscht. - Adventsfeier an Hobbyausstellung e Sonndeg, den 30. November, vun 10 Auer un am Centre polyvalent zu Habscht. An den 2 Säll stellen Hobbykënschtler hir Wierker aus, déi si och zum Verkauf ubidden. D'Chorale vun Habscht ass ewéi all Joer mat hiren traditionellen „Kréschtrangementer“ vertrauden. D'Kaffistuff ass de ganzen Dag op. Mëttes um halwer véier, Concert mam „Ensemble Vocal Voice Mix“. Entrée fräi. Org.: Chorale Habscht.

Holzem. - Niklosbal, den 29. November 2003, an der Holzemer Stuff, mam Orchester „Ni Doheem“. Organisatioun: Keelclub Hannen Héich Bartreng.

HOKT Bal mam DJ WHITE zu HELZEN am Veräinssall Org: Jeunesse Helzen-Houfelt-Weiler

Houfelt. - D'Uargelfrënn Helzen-Houfelt-Weiler invitéieren op hire Konter-a-Mitt-Owend e Freidag, de 5. Dezember am Bartschhaus zu Houfelt. Präisser am Wert van 500 €. Grupp A: 1. Präis: 175 €. Grupp B: 1. Präis 100 €. Startgeld: 8 €. Afank: 20 Auer. Ameldungen iwwer Tel. 94 90 46 oder 99 47 42.

Bal mat Cool Feet & Fade to Gray zu HOUSEN am Centre culturel Org.: Jeunesse Conshum-Holzthum

Houschter-Déckt. - Traditionelle Jeeër-Bal beim Koeppe Jemp, mam Orchester The Friends. Org.: Fédération des chasseurs luxemb.

Huldang. - Hocht den Owend spillen d'Jugend on d'Heedfrënn dä léstigen Dräiakter: „Ass datt dann zu schlëmm?“ Afank ass em 20.30 Auer.

Lellig. - „Hüttenparty“ mam Orchester Sound-Express, den 6.12.2003 an der Scheier vun Café Lelliger Stuff. Org. Skiclub Schëserberg Lellig.

Niklosbal mat Life Style zu Moutfort am Centre Culturel de 6. Dezember 2003 Org.: A.B. Contern

Maacher. - Adventsv. 29. + 30.11. am Veräinshaus vun de Scouten, m. Lux. Owend, Quiz, Danz, Iessen. Org.: Amicale Maacher Scouten.

Miedernach. - Adventsmaart. D'Fanfare an d'Fraen a Mammen invitéieren op hiren Adventsmaart muer Sonndeg, den 30. November, an d'Miedernacher Sportshal. Um 11.30 Auer ass e Concert Apéro vun der Fanfare Lieder.

Näerden. - Bal mam Orchester Tom Zandstra haut Samschdeg, den 29. November 2003, am Centre polyvalent. Organisatioun: Chorale Ste-Cécile Näerden.

Après-Beaujolais Bal zu NOJEM den 29. November 2003 mat „MP Sound“ Org.: Club des Jeunes Nojem

Remich. - Adventsbasar am Réimecher Heem e Samsdeg, den 29. a Sonndeg, den 30. November, vun 11 bis 19 Auer. Org.: Réimecher Heem.

Tetingen. - Der am 29. November 2003 geplante „Fëscherbal“ wird wegen Schließung des Lokals „Auberger Embuscade“ in Tetingen auf den 17. Januar 2004 verlegt, und wird im „Café Kaylerstuff“, 9, Grand-rue in Kayl stattfinden. Weitere Informationen erhalten Sie unter der Telefonnummer 52 50 75. Org.: Fräizäit Fëscherkollegen Téiteng.

ANTIKMARKT Sonntag, 30. November 2003 • 11 - 17 Uhr TRIER • Europahalle

Schëffleng. - Adventsmuart mat de Schëfflenger Guiden a Scouten ass sonndes, den 30. November 2003 am Veräinshaus vu 14 bis 18 Auer.

Steeën. - Party „Blo-Wäisse Kleeschen“ e Freidag, de 5. Dezember am Café Bloen Eck. Grouss Tombola. Entrée fräi. Org.: Schalke-Frënn Norden.

TROPICALBAL zu WORMER den 29. November 2003 mat den CHALLENGERS

«Dans notre monde ...»

L'ACAT et amnesty international ont présenté l'avant-première du film «In this World» de Michael Winterbottom

Jeudi soir, amnesty international Luxembourg et l'ACAT Luxembourg (Action des chrétiens pour l'abolition de la torture) présentaient conjointement l'avant-première du film de Michael Winterbottom «In this World». Ce film qui a reçu l'Ours d'or au festival de Berlin en 2003 suit le parcours de deux jeunes afghans réfugiés à Peshawar au Pakistan, que leurs familles envoient à travers l'Asie et l'Europe vers Londres et un avenir qu'ils espèrent meilleur.

Ce film nous secoue en profondeur, là où notre conscience du monde est une plaie qui démange. Le sort des réfugiés nous laisse généralement indifférents, faute de pouvoir l'imaginer, le comprendre. «In this World» est là pour combler cette lacune. Plus que nous montrer ce que l'on ne voit jamais, ni au cinéma ni à la télévision: l'inférieur parcours des réfugiés, le film nous entraîne à leurs côtés, nous fait vivre une heure et demie durant au rythme de leurs espoirs, de leurs angoisses, de leurs déceptions et de leurs souffrances.

Ceux-là sont des mineurs, mais tous sont aussi vulnérables: ils remettent leur vie entre les mains de passeurs dont ils ne parlent bientôt plus la langue, au fur et à mesure qu'ils s'éloignent de chez eux. Dès lors, chaque rencontre est source d'angoisse: celui-là sera-t-il honnête? Où les mènera-t-il? Il est frappant de réaliser à quel point, dans

Ce qui a poussé Winterbottom à réaliser ce film, c'est «la façon dont nos sociétés contemporaines (...) méprisent scandaleusement ceux et celles qu'elles attirent vers elles». La question des réfugiés est complexe, et ne peut se juger à la légère. Mais que pouvons-nous faire pour eux, nous, nos sociétés? Au moins les traiter humainement, les considérer, non comme des chiffres, des menaces, ou des problèmes mais bien comme des êtres humains en souffrance, les plus vulnérables de tous qui ont tout abandonné pour se retrouver confrontés à ce qu'ils n'auraient pu supposer: le mépris.

En se concentrant sur ses deux héros, sans charger sa dénonciation d'un message moraliste pesant, le réalisateur nous invite simplement à modifier notre regard, à réveiller notre compassion, notre curiosité humaine à l'égard de ces êtres brisés, amputés d'une partie d'eux-mêmes et perdus dans nos sociétés opulentes et indifférentes, voire hostiles. Le message final, qui finit de mêler fiction et documentaire, nous renvoie à la situation réelle du jeune acteur amateur qui incarne Jamal: revenu par ses propres moyens à Londres à l'issue du tournage, il s'est vu refuser le droit d'asile. Un permis de séjour l'autorise à rester à Londres jusqu'à la veille de ses 18 ans. Et ensuite? La question n'a pas fini de se poser...

cbi

Heute Samstag und morgen Sonntag auf Kirchberg

36 Nationen beim Internationalen Basar

Ab heute Mittag 12.30 Uhr findet in den Ausstellungshallen 3A, B und C der Foire auf Kirchberg der traditionsreiche Internationale Basar statt. Die 36 beteiligten Nationen werden mit ihren rund 45 Verkaufsständen jeden Besucher zu begeistern wissen, sei es mit tausenderlei Geschenkeideen für die bevorstehenden Festtage oder kulinarischen Köstlichkeiten aus nah und fern.

Bei etlichen Tombolas sind nicht nur verschiedene Reisen in ferne Gefilde wie USA, Athen, Paris, Wien, London oder in die Schweiz zu gewinnen, sondern Verwöhnwochenende in guten Hotels, interessante Einkaufsgutscheine, Goodyear-Reifen, ein

Handy, Jahresmitgliedschaften in einem Luxemburger Golfclub, Zerbrechliches von V & B, etliche Diners für zwei und, und, und ...

Es gelten folgende Öffnungszeiten: Samstag von 12.30 bis 19 Uhr, Sonntag von 10 bis 18 Uhr.

Ein Buspendeldienst vom und zum Stadtzentrum (Nr. 13 und 18) sowie eine Navette (Sales-Lentz) - Standort Osteria del Teatro auf dem Glacis - erspart die Parkplatzsuche.

Die Zahlung mit Mini-cash ist möglich. Ein Bancomat ist vorhanden.

S.D.

Luxembourg-Findel

Révision de la clôture de l'enceinte aéroportuaire

L'ensemble de la clôture fait actuellement l'objet d'une révision technique. Aux endroits sensibles de l'enceinte, la jonction de la clôture avec le sol est sécurisée par la pose d'une barre métallique. La fin de ces travaux est prévue pour la fin décembre 2003, signale lux-Airport dans un communiqué.

Le 24 novembre 2003, quatre chevreuils ont été découverts dans l'enceinte aéroportuaire. Ils ont pu être abattus à l'extrémité «est» de l'enceinte, près de l'ancien Zoo de Senningen.

Malgré un contrôle régulier de la clôture de l'enceinte aéroportuaire sur toute sa longueur de 16 km, une petite brèche a été trouvée non loin de l'endroit où les chevreuils ont été neutralisés. Le trou a été immédiatement réparé.

eng KLACK fir eis Sprooch 95

ACTIOUN LËTZEBUGESCH - EIS SPROOCH 53a Glesenerstrooss - L-1631 Lëtzebuerg-Gare

Eise Comité an d'Redaktioun: Claude Bache, René Faber, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Henri Marbes, Lex Roth, Roby Zenner, Marvine V. a Pol Wilmes

Sprooch?

L.R. - Vlächit ass et net vu Muttwëll, wa mir vun deenen 3 Begrëffer emol kuerz a grëffeg Definitiounen aus seriöse Quelle bréngen... an dobäi iwwer d'Lëtzebuergesch nodenken.

Sprooch: System vun Zeeche fir d'Ouer oder d'Aen, déi eng Communautéit, e Grupp vu Mënsche gebraucht, fir sech auszudrücken an ennerneen ze verstänneen.

Dialekt: Regional Form vun enger Sprooch, déi genuch spezifesch Charakter opweises huet, fir als en eegent Sproochsystem gekuckt ze ginn.

„Patois“: Dat lokal vun engem klengen Deel Leit Geschwante, dat kulturell ënnert dem Niveau vun der allgemenger Sprooch vu rondrëm gekuckt gétt.

Idiom: Jidder linguistescht Sproochinstrument, dat vun dëser oder deër Communautéit gebraucht gétt.

Esou féint een et dem Sënn no am Grand Larousse universel a bei Le Robert-langue française... Le Monde war sech net ze schued, fir et deemno ze bréngen (04.10.03).

Wa mir elo nach bedenken, datt eis Sprooch, noweisbar, zënter 200 Joer als „System vun Zeechen...“ esou besteet, wéi hei uewe gesot gétt - an dat och nach an engem international unerkannt souveräne Staat - dann ass d'Lëtzebuergesch eng „operluuchte Saach“: eng Sprooch!

An dann: Et fällt kengem (méi) an, am Gebrauch vun Lëtzebuergesch eng Form vu sozialer Positioun ze gëssen. D'Lëtzebuergesch schwätzen et alleguer mateneen, an dat vum „Klengste bis zum Däcksten“, vrun allem och do, wou d'Gesetze vun eise fräien an onofhängege Staat gemaach ginn: an der Chamber. Dat zielt mat Sécherheet bei eventuell nach weider Elementer oder Argumenter fir d'Definitioun resp. d'Ennerscheede vu Sprooch-Dialekt-Patois.

Nach dobäi: Dat anert Joer feiere mir d'175 Joer vum alleréischte Bichelchen op Lëtzebuergesch: dem Tunn Meyer säi „Schrëck op de Lëtzebuerg Parnassus (1829)“ ...also och d'175 Joer vum Schrëft-Lëtzebuergesch; an dat kann ee jo ower dann op d'mannst zënter dem Méchel Rodange sengem Reenert (1872) als literareschen Idiom kucken.

Wat a weivill zënter 1829 an eiser Sprooch geschriwwen a publizéiert ginn ass, dat féllt ewell meterweis Stellagen a Bibliothéiken. Schonn eleng dat, wat an de leschten 30 Joer als ege Bicher, an Zäitschrëften oder Zeitung en isoléiert eraus kum, hätt sech vrun zwou Generatiounen emol ke gedreemt. Eis Sprooch ass also net nëmme an „Émganks-“ oder „Kommunikationsmëttel“, mä och kulturell esou lieweg ewéi nach ni! Gewëss: Et brauch keen äis un d'Grenze vun Lëtzebuergesch ze erënneren. Wien als Schrëftsteller soll / wëllt gekuckt ginn, dee brauch keen, fir him dat an engem Stéck dohinner ze gehien. Iwwregens hu mir dat méi héich-gebengent / intellektuell Geschreifs net op Lëtzebuergesch néideg; dat kënnte mir äis op d'mannst an zwou „Superkultur-Sprooch“ leeschten ...eben eis eegen Art!

FIR oder dergéint?

R.Z. - Et gët der Actioun Lëtzebuergesch dacks virgehalen, si wier bal ëmmer nëmme „dergéint“; géint d'Franséisch, géint d'Däitsch, géint..., géint. Falsch! Di meescht vun deenen, déi dat onbewisen an d'Welt setzen, maachen et mat queessen Hannergedanken.

Mir ginn es net midd, ëmmer rëm ze betounen, datt d'Actioun Lëtzebuergesch just fir eppes ass, nämlech, datt eis Sprooch soll als dat erhaale bleiwen, wat se ass, an datt si verstänngerweis déi Plaz soll kréien, déi si zegutt huet.

Eis Sprooch ass wéi knapps eppes anescht an Identitéitselement vun eise Land a vun eise Awunner, grad ewéi aner Symboler vun eise Land.

Fir d'Ausländer, déi bei äis wunnen a bleiwe wëllen, ass eis Sprooch en Integrationsfaktor, wéi et keen anere gétt. Déi Iwwerzeugung huet sech an der Tëschenzäit op ville Plazen an a ville Käpp bei eis an am Ausland duerchgesat. Net fir näischt verlaange mir dofir och, datt eis national Sprooch an den Artikel 29

vun eiser Constitutioun stoe kënnt. D'Aussichte sinn déi allerbesch.

Den 28. März 2002 huet de Staatsminister Jean-Claude Juncker op dem Colloque iwwert d'Thema „Migrations: les enjeux!“ dat hei festgestallt :

„Ech gleewe weider drun (...), datt d'Lëtzebuerg Sprooch an 20 oder 30 Joer mat grousser Wahrscheinlechkeet deen eenzegen nationalen Zesummenhalt wäert duerstellen. Haut ass d'Lëtzebuerg Sprooch eng vun eise Charakteristiken, grad wéi de wirtschaftlechen a soziale Wuelsand.“

Ech géif mer wënschen - ech soen dat net, well et keen anere Choix gëtt, ech soen dat, well et d'Sprooch vun Land ass - datt all déi Leit, déi op Lëtzebuerg lieve kommen an all déi, déi heibinner schaffe kommen, d'Lëtzebuerg Sprooch esou beherrschen, datt se sech an der Gesellschaft an am Beruf kënnen verstänneen.“

Merci, Här Staatsminister. An deem Sënn denken a schaffe mir zënter 32 Joer!

Maja. An?

H.M. - Et geet näischt driwwer, engem deen eppes net kann / wëllt verstoen, e Verglach mat senger eegener Praxis ze ginn. Mir hunn ewell méi dacks englesch, franséisch oder däitsch Beispiller bruecht, fir ze weisen, datt d'Schreifweis vun Lëtzebuergesch net méi koppeg oder manner logesch ass ewéi anerer. D'Gewinnecht léist 95% vun all deene Problemer.

Huelt emol: la gagueure (gelies „gajür“) ... la peur (gelies „pëör“) ... le feu (gelies „fö“) ... natierlech kann ee sech hei mat „historeschen“ Ursachen oder méi glënnereg mat „Paradigmewiesselen“ erëmshloen oder opblösen, mä dat bréngt rosewéineg an der Praxis. Mir hunn et ze léieren, oder äis drun ze gewinnen.

Wa mir dann dem Schrëft-Lëtzebuergesch vis-à-vis wëllen éierlech bleiwen, muss mir zuginn, datt eis Schreifweis och Versteedemech... a Gewinnecht zegutt huet. Net nëmme bëlleg, kregéilerrecht Gekritizéiers.

Neklosdag...

Et geet näischt iwwer eng gutt Gewinnecht. Och fir d'Liesen. Firwat dann net och e lëtzebuergesch Buch bei den Teller leeën? Hei eng kleng Wiel, déi dir an de Bicherbutteker oder op eisen Adressen hei uewe bei äis direkt kënnt kréien:

- Mosaiksteng / Dictionnaire: 17 €
Psalmen (komplett): 25 €
Eiser Lidder: 9 €
Mat Laachen a Kräischen: 4 €
Um Vaubang (Adel Weis): 16.50 €
40 Fabelen (Lex Roth): 14 €
Annoncen / Menüen: 3 €
„Klenggeketen“ (Rob. Siuda): 2.50 €
Texas Nuckles (Louis Miesch): 2.50 €
Geschichten+Spréchercher (J. Theis-Kauth): 15 €

Alles an de Bicherbutteker an op eisen Adressen !!! 10% fir Schoul- oder Veräinsbestellungen

Nix nei!

AL - Emol e kleng Verglach: Wann ee bei engem Haus e Kullang fléckt, e puer Leeën ersetzt a vlächit dës oder déi schif Röllued an d'Rei maache léisst, da geet hei dach net vun engem NEIEN Haus Rieds, oder?

Esou gekuckt ass et och grondfalsch, fir elo vun engem NEIER Schreifweis ze schwätzen, wann, um zolitten Orthographie-Fong vun Lëtzebuergesch (*1950!) e puer „Plättcher gebotzt“ an en etlech „Klenschen ersat“ si ginn... genee dat ass ower vru 4 Joer geschitt. Net manner, mä och net méi. Mir hu keng „NEI“ Schreifweis, et ass nach ëmmer déi "al", mat genee deemselwechte Fëllement, ower mat en etleche Vereinfachungen a klengen Ännerungen.

Mir haten d'Leit vun deër Kommissioun 1999 kloer gewarnt, jo nëmme em gottesbiddes-wëllen net vun engem „NEIER“ Schreifweis ze schwätzen: domat géif een d'Leit onnéidegerweis verwallen, wann net esouger rabbelkappge maachen. Mir hunn net geduecht, datt een et do mat esou engem miserabele Fangerspëtzegefill ze di krit. Vu psychopädagogeschem Gesprier keng Spuer! Leider ass et dann esou komm, wéi gefaart: Jänni a Männi ass veronsechert. E groussen Deel vun eiser 30 Joer laanger Orthographie-Campagne guff ernherielegt, muttwëlles... oder bewosst? Et soll och kee sech opspillen, wéi wann hien eng „NEI Schreifweis“ erfondt hätt, dat stëmmt net, an et ass net éierlech! De Verdéngscht ass a bleift dem Professor Robert Bruch säin; den Alain Atten huet d'Orthographie 1972 „codifizéiert“, nodeem d'Actioun-Lëtzebuergesch beim Här Minister Robert Krieps en oppent Ouer fonnt hat, fir d'Schreifweis vum Dictionnär als „arrêté officiel“ eraus ze ginn. Basta.

Hei dann nach eng Kéier eis Offert: Jiddereen, dee gär eng zerguttst Basis fir d'Schreifweis vun der Lëtzebuergesch Sprooch hätt, ka bei äis - GRATIS! - een oder méi Exemplare vun deem Blat kréien, dat mir extra dofir erausbruecht hunn (Tel. 470 612). Dat kënnt dir Iech iwwregens och op der Internet-Säit vun Athenum („Eis Sprooch“) erflueden oder Iech am Schoulministère (beim Här Othon Neuens) déi extra Publikatioun iwwer d'Orthographie froen, déi do an der Zäit eraus koum ...alles GRATIS!

CHRËSCHTDAG = KRËSCHTDAG ??? dann och: Kristus - Kristian - Karakter - Klor asw...